ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Zeitung "De Lëtzebuerger Bauer" huet rezent eng franséisch Etüd zitéiert, no där sech a Frankräich am Schnëtt all zweeten Dag e Bauer d'Liewen hëlt. Als Grënn fir dës dramatesch Entwécklung ginn ë.a. déi ongewëss Zukunftsperspektiven ugefouert.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Huet d'Regierung Donnéeë virleien, déi Réckschlëss op beruffsbedéngte Krankheeten – sief dat psychescher oder physescher Natur – an de landwirtschaftleche Beruffer erméiglechen? Wa jo, wat fir eng Erkenntnisser zitt d'Regierung an deem Kontext? Gëtt et eng Opfällegkeet, datt et grad an de landwirtschaftleche Beruffer besonnesch dacks zu beruffsbedéngte Krankheete kënnt?
2. Huet d'Regierung méi allgemeng Donnéeë virleien, déi Réckschlëss dorop erméiglechen, wéi eng Beruffsgruppe besonnesch dacks grad och vu psychesche Krankheeten oder Depressioune betraff sinn?
3. Am Fall, wo nach keng esou Donnéeë virleien, wär d'Regierung bereet eng Etüd an Optrag ze ginn, wéi eng Beruffsgruppe besonnesch dacks grad och vu psychesche Krankheeten oder Depressioune betraff sinn an, am Hibléck op d'Situatioun am Ausland, dobäi och d'Landwirtschaft besonnesch ze berécksiichtegen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten